



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Laut Artikel 720-5 vum ofgeännerte Gesetz vum 10ten August 1915 mussen SARL-S'en hir Denominatioun am Firmennumm hunn. Dëst fir datt ee Bierger/eng Biergerin se méi einfach vun anere Firme kann ënnerscheeden.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill SARL-S'en ginn et am Moment hei am Land?
2. Ginn Kontrolle beim Handelsregëster gemaach fir sécherzestellen, datt den Artikel 720-5 respektéiert gëtt? Wa jo, wéi oft hunn dës Kontrollen an de leschte 5 Joer stattfonnt? Zu wéi engem Moment fannen se statt, gëtt all nei SARL-S bei der Opnam an den RESA kontrolléiert oder fannen dës duerno statt?
3. Well bei dëse Gesellschaften d'Statuten net musse vun engem Jurist/enger Jurstin oder engem/enger Notaire opgesat ginn, gëtt am RESA kontrolléiert op dës Statute juristesch korrekt sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

